op de staark gedüngte Parzellen ass dono sou dicht, datt d'Huese just an de Spuere vum Trakter asw. duerch d'Stécker kommen.

Wat méi gedüngt a gesprézt gëtt, wat et och manner villfältig Kraider gëtt. Den Hues huet gären e variéierte „plat du jour“ aus verschiddene Kraider – leider gëtt et a gesprézte Monokulturen a Siloswisen net méi déi néideg Variétéit. Déi fréier Villfalt vu Grieser a Kraider op den Heewisen an Akeren huet duerch Dünger an Herbiziden immens ofgehall.

Wann um Aker awer mol Wëllkraider ze fanne sinn, da kënnen se duerch d'Herbizidbelaaschtung géfteg fir d'Huese sinn. A Krankheeten huméien héijen Impakt op déi duerch Narungsmangel scho geschwächten Huesen.

Dobäi kënn, datt et sou kraiderräich Biotoper insgesamt net méi vill gëtt a wann, da leien ze wäit vuneneen ewech. De staarke Stroosseverkéier an dëser zerschnittener Landschaft (Lëtzebuerg läit op der Plaz 1 an der EU!) dréit seng Affer.

Eegenaarte vum Hues

Vu boxenden Huesen an Doppelbefruchtung

Mat den Temperaturen am Februar, déi an d'Luucht ginn, kënn den Hues a Fréijoersstimmung. Déi Fréijoersgefiller driewen déi soss éischter nuetsaktiv Déieren am Dag op d'Gewan... sou sinn d'Chancen an de kommende Woche grouss fir mol een z'erblécken, well se sech oft zu



puer erëmdriewen, an d'Woll kréien a reegelrecht „boxen“. Dëst sinn awer net just d'Männercher, och d'Weibercher maachen hei mat. Si testen an dëse „Kämpf“ ween de Stärksten ass.

D'Weibchen trëfft da säi Choix a wíelt sech säi Partner aus. Dat kënnen der awer och mol méi sinn: innerhalb vun engem Worf kënnen puer Pappen derbäi sinn. En plus kann d'Veibche während et erwaart, gläich nach emol befrucht ginn, also eng „Doppelschwangerschaft“ ausdroen – eng Upassung vun der Natur fir génschteg Zäiten optimal ausnotzen ze kënnen. Emol op der Welt, bleiwen déi jonk de gréissten Deel vum Dag aleng, d'Veibche kennt just 1-2 mol am Dag bei se fir se ze nieren. No engem Mount sinn déi Kleng dann op sech gestallt. D'Veibche ka bis véier Mol am Joer 2-4 Klenger kréien.

Ganz schei, um qui-vive a séier!

Den Hues ass e scheid a virun allem en nuetsaktiv Déier. Heen ass e Mamendéier an zielt zu den „Hasenartigen“. Zum Iwwerlieden brauch e Plaze fir sech ze verstopp, well zu senger Feinde gehéieren de Fuuss, Uhu, Gräifvigel, de Wollef an och de Mënsch. Duerch seng säitlech um Kapp positionéiert Aen huet hee quasi eng „Allround“-Vue, an iwwerwaacht opmierksam wat ronderëm hee geschitt. Heen ass heemlech a probéiert net gesinn ze ginn – duerch säi Pelz gutt getarnt dréckt en sech ganz platt op de Buedem a réischt am leschte Moment spréngt en op a sprint mat 70 km/h fort! Dobäi leeft en am Zickzack a mécht och mol grouss Spréng fir seng Verfolger lass ze ginn.



Als Bierger:in kënn Dir e.a.:

- lech bei **Ärer Gemeng derfir asetzen**, datt Gemengenterrainen an der Gewan naturverträglech bewirtschaft a Broochen oder ongespréztten Akerrandsträifen ugeluegt ginn. Et ass wichteg, datt Awunner:inne vun enger Gemeng weisen, datt si hannert esou Projekte stinn an dës Erwaardungen och un hir Gemeng weiderginn.
- duerch Äre **perséinleche Konsum** déi biologesch an naturno Landwirtschaft aus dem Land ënnerstëtzen. Mam Kaf vu Bio-Miel ënnerstëtzt een z.B. dem Hues säi kraiderräichen Aker-Liewensraum.
- Beim **Spadséiere goen den Hond** an d'Léngt huele fir ze vermeiden, datt déi jonk Huesen (an aner wëll Déieren wéi Léiercher) net onnéideg an hirem Liewensraum gestéiert ginn.
- lech duerch Ärt **Walverhale** fir eng naturverträglech EU-Agrarpolitik asetzen, sou datt et sech fir d'Bauern nees lount naturverträglech ze wirtschaften.

Als Landwirtschaftsministère sollt Dir e.a.:

- landwirtschaftlech Betriber, déi déi genannte **Strukturelementer scho méi wéi 10 Joer** fräiwëlleg erhalen, aktiv belounen! Fir all Betriber soll **d'Ausbezuere vun de landwirtschaftleche Primmen** un d'Erhale, Schafen oder Neiplanze vun 3 % Strukturelementer op hire landwirtschaftleche Fläche **gekoppelt** sinn. Dës Reegelung sollt net als Plooschter bei all Kris ausser Kraaft gesat ginn.

- de Projet **«Natur genéissen»** als Paradebeispill fir d'Kombinatioun vun enger viabler Produktioun a Kombinatioun mat effikasssem Naturschutz ënnerstëtzen;

- d'biologesch Landwirtschaft nach vill méi férdere, an z.B. derfir suergen, datt et an all öffentlecher Kantin **biologesch Liewensmëttel aus Lëtzebuerg** gëtt.

Als Ëmwelt- a Biodiversitéitsministère sollt Dir e.a.:

- de **nationalen Naturschutzplang** (PNPN3) vill méi konsequent ëmsetzen. Dëse leet kloer Ziler fir de Naturschutz am Oppeland fest, déi bis 2030 mussen erreecht ginn an hëlleft e.a. de Liewensraum vum Hues ze schützen. Leider hapert et am Moment nach un der Vitesse vun der Ëmsetzung. Hei missten d'Naturschutzakteuren um Terrain nach méi geziilt bei der Ëmsetzung vu Moosnamen ënnerstëtzt ginn.
- Zousätzlech mussen awer och zesumme mam Landwirtschaftsministère Mesuren getraff ginn, déi **Naturschutz op landwirtschaftleche Fläche férdere** (z.B. wéi uewe genannt).
- **D'Juegd op den Hues verbidden**;
- E **wëssenschaftleche Monitoring** ëmsetzen, datt d'Entwécklung vun der Huesepopulatioun richteg dokumentéiert gëtt;
- **Keng weider Zerschnittung** vun der Landschaft méi zouloossen.

Mir kënnen all zesummen den Hues schützen

Fir eng nohalteg Landwirtschaft an eng struktureiert Landschaft anrieden

Duerch eng villfälteg, klengstruktureiert Landwirtschaft, déi nohalteg bewirtschaft gëtt (ouni Pestiziden, manner Dünger a mat enger Rotatioun vu Kulturen, wou Hecken, spët geméinte Wäsen, Brooch- a Bléisträifen hir Plaz hunn) férdert een den Hues. Grouss Flächen a Schléi solle mat Randsträifen, wou just ganz spët oder sporadesch geméint gëtt, ausgestatt sinn.



Broochen si mëttlerweil zwar e verpflichtend Element fir europäesch Agrarsubventiounen ze kréien – leider sinn se awer och de Spillball vun där Politik. Bei Krisen (Ukrainkrich, Agrardiesel) gi se ëmmer nees fale gelooss an als manner wichteg a net méi ver-

pflichtend fir Subsidien ze kréien ugesinn.

Biologesch Landwirtschaft ass e ganz grouss Schrëtt an déi richteg Richtung, ma leider schreift och si keng Reegele fir spezifesch Strukturelementer vir.

Wat si konkret Moosnamen, déi op ënnerschiddlechen Niveauen ëmgesat kënnen ginn?

Als Gemeng sollt Dir e.a.:

- de Projet **„Natur genéissen“** ënnerstëtzen, deen d'Direktvermaartung tëscht Kiche vu Maison relais mat landwirtschaftleche Betriber, déi bestëmmt Naturschutzkrittären op hire Flächen erfëllen, férdert. D'Maison relais vun dëser Gemenge befollegen hirersäits beim Akaf vu Liewensmëttel e Cahier de charges mat Virgaben zum Undeel vun Natur genéissen-, Bio-, Regional-Produiten a.v.m. Méi Infoen hei: www.projekte.oekozenner.lu/projets/natur-geneissen/
- Är **landwirtschaftlech Terrainen esou verpachten**, datt op Dünger a Pestizide verzicht muss ginn a pro Joer eng Straif net geméint oder als Akerbrooch leie bleift.

Als Bewirtschafte:in vu landwirtschaftleche Fläche kënn Dir e.a.:

- Är Fläche **biologesch oder naturverträglech extensiv** notzen, eng villsäiteg Fruchtfolleg virgesinn, Brooch-, Bléi- oder Akerrandsträifen uleeën. All dës Moos-

name kënnen duerch Ökoregelungen oder Biodiversitéitsprogrammer finanziell geférdert ginn.

- éiert Hee oder Silo gemaach gëtt, grad wéi et beim Réikitz gemaach gëtt, d'Fläch ofgoen oder mat enger Dron kontrolléieren ob sech **keng jonk Huesen am héije Gras verstopp**. Grouss Schléi ëmmer vu Bannen no Bausse méinen, esou datt déi jonk Huesen als Nestflüchter eng Chance hu fortzekommen.

Als Jeeë:in kënn Dir e.a.:

- keng Huese schéissen, och net wann se am Bësch lafen. Et ass méi wichteg de Bestand vum Schuelewëld ze reduzéieren.



Vum Huese-Schutz profitéieren och vill aner Déieren!

Wann dem Hues duerch eng méi villfälteg a struktureiert Landschaft gehollef gëtt, profitéieren eng ganz Rëtsch aner Déierenarten och dovunner, wéi z. B. vill Päiperleken awer och d'Schwarzbrëschtchen, de Kéiseker an d'Feldhong!

Och si leiden ënnert der ausgeraumter Landschaft, de plakege Stécker a mangelnder Diversitéit.



Juegd op den Hues trotz der Geför vum Ausstierwen?

D'Fro deet sech op firwat d'Juegd op den Hues iwwerhaapt nach ëmmer erlaabt ass (aktuell Juegdzäit vum 1. Oktober–22. Dezember), obwuel d'Bestandzuelen vum Hues esou offensichtlech réckgäנגeg sinn? Et ass kloer, datt d'Juegd net de Grond fir de Réckgang ass, mee wann de Bestand vum Hues scho vill méi kleng gëtt duerch d'Veännerung vun der Landschaft, gëtt en duerch d'Juegd weider onnëtz belascht. E Moratoire op d'Juegd vum Hues sollt duerfir fir e puer Joer geluecht ginn.

Erausgi vu Mouvement Ecologique asbl an Oekozenner Pafendall asbl
meco.lu / oekozenner.lu

Mat der finanzieller Ënnerstëtzung vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit



Hues oder Kanéngchen?

Den Hues ënnerscheet sech duerch seng Héicht (bis zu 75 cm wann e sëtzt), déi laang hënnescht Been an d'Oueren (schwaarz Spëtzen) däitlech vun deene méi klengen Kanéngercher. Säi Pelz ass am Summer roudelzeg-brong, d'Kanéngche mat der méi gedrongener, ronner Statur geet méi an dat Grot. Den Hues ass en Einzelgänger, grueft sech kee Bau, mee schléift a senger Kailchen aus plattgedrécktem Gras aus där e bei Gefor réischt am leschte Moment opspréngt an am Zickzack fortleeft. Déi gäre méi geselleg Kanéngercher halen sech

generell méi no bei hirem Bau am Buedem op a lafe keng sou wäit Distanze wéi den Hues, mee si verschwanne bei Gefor séier an hirem Bau.

Falls der wëll Kanéngercher gesitt, kënnt Dir déi natierlech och gäre mellen. Hinne geet et änlech schlecht wéi den Huesen, och si si net méi esou heefeg. Dat läit dorunner, datt d'Landschaften anescht genotzt ginn an esou zerschnidde sinn, ma besonnesch awer u verschiddene Krankheeten, wéi Myxomatose.



Wéi kënnt Dir en Hues mellen?

Beobachtungen eraschécken - iNaturalist

De Mouvement Ecologique an den Oekozenten Pafendall wëlle mat Ärer Hëllef erausfannen, wou et nach iwwerall Huesen zu Lëtzebuerg gëtt. Esou kënnen bestoend Populatioune besser geschützt an d'Uspréck, déi des Déieren un hire Liewensraum stelle, besser identifizéiert ginn. Mat dieser Aktioun soll awer och op de Schutz vun hire Liewensraum opmierksam gemaach a sensibiliséiert ginn.

Wéi matmaachen?

Mellt all Är Beobachtunge wou a wéini Dir en Hues gesinn hut! Dir kënnt dat op **zwou Aart a Weise** maachen:

1

Mat Ärem Smartphone via d'App iNaturalist* ODER iwwert den Internetsite vun iNaturalist.lu



Billen mat der **Uleedung**, wéi Dir Är Beobachtung iwwert d'App oder den Internet Site vun iNaturalist.lu melle kënnt, fannt Dir hei:



www.meco.lu/de/blog/document-center/aktioun-hues-maacht-mat/



2

ODER andeem Dir eng E-mail mat de geneeën Donnéeën vun Ärer Beobachtung (Plaz mat Koordinaten, Datum) op **natur@oeko.lu** maacht oder beim Gréngen Telefon urufft: **439030-1**, dann droe mir et fir lech an.

Är Observatioune ginn analyséiert an droen dozou bái eng Bestandsopnam vun den Huesen zu Lëtzebuerg ze maachen.

VERFOLLEGT DE PROJET!

Iwwert den iNaturalist-Projet-Site „Aktioun Hues“ kënnt Dir live verfollegen, wou d'Huesen am Kader vun der Aktioun iwwerall gemellt ginn. Dir fannt awer och reegelméisseg News an Auswärtungen zum Projet am Kéisecker-Info (der Memberzäitschreft vum Mouvement Ecologique) an op der Homepage **www.meco.lu** an **naturelo.meco.lu**.

OPGEPASST!

Den Hues ass e wëllt, fräilafend Déier, dat duerch d'Naturschutzgesetz geschützt ass. Dofir w.e.g. keen Déier upaken, afänken oder onnéideg hetzen (z.B. wann Dir eng Foto maacht).

Wann Dir sollt e blesséierten Hues fannen, mellt lech am Beschte bei der Opfangstatioun fir Wëlldéieren (Diddeleng) oder eng vun hiren Drop-off Plazen.

* iNaturalist ass e Citizen-science Projet an en online Netzwerk vun Naturalisten, interesséierte Leit aus dem Grand Public a Biologen, dat um Konzept vum crowd-sourcing vun Donnéeën zu der weltwäiter Biodiversitéit baséiert. Sait 2021 ass den natur musée zu Lëtzebuerg offizielle Partner vum weltwäiten iNaturalist-Netzwerk, mam iNaturalist.LU Fotograféiert Planzen- an Déierenarte ginn duerch eng Software automatesch erkannt, an des Identifikatioune ginn dono awer och vun der iNaturalist-Community validéiert. Wann Är Observatioun bestätegt gouf, gëtt se iwwer GBIF (Global Biodiversity Information Facility) an der offizieller Datebank vum Naturmusée ofgespäichert!

MOVE.



SERIE: LÉIERT MOVE.APPROVED KENNEN

Moveapproved ass eng Plattform vu move., déi nohalteg Adressen hei zu Lëtzebuerg ënnerstëtzen a méi visibel fir Jonker maache soll. Et gi 5 Kategorien – essen&Drénken, Kultur, **Fashion**, Aktivismus a Fräizäit – wéi eng hei eng no der anerer virgestallt wäerte ginn. An diesem info ass et den Thema „Kultur“.

Fashion ass ee wichtege Deel vun eisem Liewen. Genau wéi beim essen ass et och ee Beräich wou een als Jonke relativ einfach ee groussen Impakt kann hunn. Dofir weise mir dir mat dese Plaze wéis du Kleedung fënns déi engersäits ënner **sozial faire Bedingungen** an anerersäits **ökologisch nohalteg produziéiert** gouf. Virun allem awer fënns du hei déi bescht Plaze fir **Second-Hand Kleedung** zu Lëtzebuerg, déi ökologescht Fashion-Alternativ. Deel vun dieser Kategorie ass och **nohalteg an déieregerecht produziéiert Kosmetik**.

Hei sinn eis **moveapproved Kultur Tipps** aus der **Staad Lëtzebuerg** a vun **Esch:**

- Akabo Fair Fashion
- Dev'i
- Helsinki Concept Store
- Lët'z Refashion
- Lena
- J'adore Bio
- Pardon my Closet
- Naturwelten
- Miss Bak
- Trouvailles
- The Modu Shop



AUS DE REGIONALEN

CONTOURNEMENT KÄERJENG - ENG FEHLDÉCISIION

Die Regionale Süden des Mouvement Ecologique richtete, gemeinsam mit natur&ëmwelt „Gemeng Suessem“ sowie der BIGS ein Schreiben an die EU-Kommission.

Darin führen die Unterzeichner im Detail eine andere Sichtweise an, als jene, wie sie vom Umweltministerium Ende Dezember im Bereich der Kompensierungsmassnahmen aufgrund der Habitatdirektive im Dossier „Umgehungsstrasse von Bascharage“ dargelegt wurden.



Die Schlussfolgerungen der Organisationen:

„Conclusions générales :

En considérant les commentaires et les explications de la présente, les organisations soussignées sont d'avis que le dossier d'information au sujet du projet du contournement de Bascharage (Luxembourg) envoyé par le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable en décembre 2023 à la commission européenne, est hautement incomplet et imprécis et nous prions les responsables de la DG-Environnement de la Commission européenne :

- de donner un retour négatif à cette information sur les mesures compensatoires envisagées
- de prier le gouvernement luxembourgeois de respecter le texte et l'esprit de la législation européenne en matière de protection de la nature et d'évaluation des incidences sur l'environnement, notamment en demandant à la Commission le **classement du Bobësch** (ainsi que des autres zones mentionnées ici) **en ZSC** avant toute autorisation
- d'inviter les autorités luxembourgeoises à relancer l'EIE en tenant compte des zones reclassées par SIC, de l'aspect climatique (bilan carbone) et de la nouvelle raison impérative d'intérêt public majeur ainsi que des alternatives au projet. »

Das detaillierte Schreiben finden Sie auf: <https://www.meco.lu/de/blog/documentcenter/die-regionale-sueden-des-mouvement-ecologique-richtete-gemeinsam-mit-naturemwelt-gemeng-suessem-sowie-der-bigs-ein-schreiben-an-die-eu-kommission/>



GESICHT GINN: EKOLOGESCH AN NOHALTEG RENOVÉIERUNGSPROJETEN FIR D'ENERGIEWOCHEN!

Oekozenner Pafendall und Mouvement Ecologique organisieren dieses Jahr wieder die „Energiewochen“. Ihre Anregungen sind erwünscht!

Von Juni bis Juli 2024 finden Besichtigungen zum Thema „Ökologisch und energetische Sanierungsprojekte im Wohnbereich“ statt. Hierbei können Bauinteressierte sich vor Ort in den fertiggestellten oder noch im Bau befindlichen Wohnhäusern ein Bild vom Verbau von ökologischen Baumaterialien sowie nachhaltiger Heiztechnik in der Praxis machen und sich dabei im direkten Gespräch mit den Bauherren über deren Erfahrungen austauschen.

Die Energiewochen finden traditionsgemäß unter der Schirmherrschaft des Ministeriums für Wohnungsbau und Raumentwicklung, des Umweltministeriums und des Wirtschaftsministeriums statt.

In den vergangenen Jahren fanden bereits derartige Wochen mit großem Anklang statt. Zum besseren Verständnis finden Sie das Programm 2023 auf unserer Internetseite:

https://projekte.oekozenner.lu/wp-content/uploads/sites/14/2023/09/Energiewochen_A5_nei-versioun.pdf

Dieses Jahr stehen folgende Themen im Mittelpunkt der Energiewochen:

- Energetische Sanierungsprojekte im Wohnbereich unter Verwendung ökologischer Baumaterialien und Haustechnik basierend auf erneuerbaren Energien;
- Baubiologie mit schadstoffarmen Baumaterialien, die die Raumluft nicht gesundheitsgefährdend belasten;



- Energieeffiziente Konstruktionen, die im Sinne des kreislauffähigen Bauens eine möglichst lange Lebenserwartung haben, sei es durch flexible Nutzungsmöglichkeiten, durch die Wiederverwendbarkeit ganzer Bauteile oder einzelner Baustoffe.

Während der Energiewochen soll eine möglichst große Vielfalt an neuen Bauprojekten mit interessanten Materialien und Energiesparmaßnahmen vorgestellt werden! Wir bitten Sie daher um Ihre Teilnahme:

Haben Sie ein modellhaftes Projekt und würden Sie einer Besichtigung zustimmen? Hätten Sie oder eventuell der Architekt / Planer Zeit das Konzept bei einer solchen Besichtigung fachlich zu erklären? Wir übernehmen die Organisation der Besichtigung und die Werbung im Vorfeld.

Wenn Sie an einer Teilnahme interessiert sind, bitten wir Sie, uns Ihre Projekte bis zum Freitag, dem 12. April 2024 via E-Mail an bauberodung@oeko.lu mitzuteilen.

Wir bedanken uns für Ihr Interesse und freuen uns auf Ihre Teilnahme.



STAGE D'INTRODUCTION À LA PERMACULTURE

Samedi, le 18 & Dimanche, le 19 mai 2024 de 10h00 à 17h00 à Arlon

Qu'est-ce que la permaculture ?

C'est bien plus qu'un outil de jardinage ! Venez découvrir le potentiel et la mise en œuvre de ce système de conception écologique.

Le mot permaculture est une contraction des mots 'permanent' et d'agriculture'. Le concept était développé il y a plus de 40 ans en Australie.

La permaculture est la synthèse la plus aboutie regroupant aussi bien les sciences de l'écologie et de la vie que les connaissances des peuples indigènes et des traditions agronomiques anciennes, tout en intégrant une réflexion sociétale pour concevoir et construire des lieux de vie soutenables et humains. La permaculture nous permet donc de réinventer nos lieux de vie en mettant en pratique ces savoirs. La permaculture est une approche systémique qui a pour but la conception, la planification et la réalisation de sociétés humaines écologiquement soutenables, socialement équitables et économiquement viables. Elle se base sur une éthique, dont découlent des principes et des techniques permettant une intégration des activités humaines avec les écosystèmes.

A qui s'adresse cette formation ?

Ce cours s'adresse à toute personne désireuse de connaître et mettre en pratique la permaculture.

Quel est le contenu de la formation ?

Cette formation comprend des présentations, des études de cas, des processus participatifs et interactifs, des jeux de rôle, des échanges, des observations de terrain et exercices de conception, et de la pratique du jardinage.

Quelles sont les thématiques abordées ?

- o Cadre de référence : Définition et histoire de la permaculture – Ethique et principes
- o Méthodologies : Introduction à la conception (design) d'un site. Réappropriation du sens de l'observation et de l'ingéniosité. Design, zonage et secteurs.

- o Ecologie : Le sol, l'eau, l'énergie et leur gestion. Cultiver des légumes. Le compost. Les plantes pérennes.
- o Permaculture humaine : Comment adapter la méthodologie de la permaculture au-delà du jardin. Villes en transition.
- o Séances pratiques



Comment s'inscrire ?

L'inscription se fait en deux étapes:

1. Faites un Email indiquant votre intérêt à participer à klimab@oeko.lu avec indication de votre nom, de l'adresse postale et d'un no. de téléphone. (Le nombre de participants est limité à 20, la priorité va aux personnes résidents d'une commune Klima-Bündnis Lëtzebuerg.)
2. Après validation de votre candidature par retour de courriel, votre inscription ne sera définitive qu'après avoir fait un don (non-remboursable !) de 50.-€ sur le compte de l'ASTM (Action Solidarité Tiers Monde) au profit du projet MASIPAG*, un projet soutenu par les communes du Klima-Bündnis Lëtzebuerg :

ASTM –
CCPLULL LU76 1111 0099 9096 0000

Communication:
« Don MASIPAG – Stage Permaculture » .

Si vous utilisez Payconiq, il vous suffit de scanner ce code QR pour faire votre don!



Organisé par Klimabündnis, animé par Katy Fox (www.mycelium.lu)

En Français ou Luxembourgeois



*MASIPAG est un réseau d'agriculteurs, d'organisations non gouvernementales et de scientifiques philippins qui luttent ensemble contre les effets des plantes génétiquement modifiées, de l'agriculture chimique et des technologies qui leur ont été imposées dans le cadre de la « révolution verte ». Aujourd'hui encore, les conséquences sont présentes dans l'agriculture philippine. Les agriculteurs transmettent les connaissances traditionnelles et développent eux-mêmes de nouvelles variétés de semences basées sur des méthodes organiques et agroécologiques.

Cela a permis aux agriculteurs de MASIPAG de reprendre le contrôle de leurs semences, de restaurer la biodiversité, de produire des variétés de riz perdues et de les améliorer sans recourir à des produits chimiques, des pesticides et des herbicides dont les effets durables et néfastes sur la fertilité des sols, l'environnement et la santé humaine ont été démontrés.

GREEN EVENTS-WORKSHOP IN ZUSAMMENARBEIT MIT DEM NATURPARK ÖWERSAUER

Am 6. März 2024 versammelten sich 37 Mitglieder von Gemeinden und örtlichen Vereinen in Bauschelt zu einem Workshop über das Green Events-Projekt. Er wurde vom Naturpark Öwersauer in Zusammenarbeit mit dem Oekozenner Pafendall und der SuperDrecksKëscht veranstaltet.

Das Ziel des Workshops bestand darin, die Teilnehmer:innen für nachhaltige Veranstaltungen zu sensibilisieren und einen Austausch über praktische Schwierigkeiten und Lösungsmöglichkeiten anzuregen.



Projektvorstellung vor einem gut gefüllten Saal



Thematischer Tisch mit Mehrwegsystemen aus Kunststoff



Thematischer Tisch zu Lebensmittel- und Getränkelabels (regional, bio, fair)



Interaktive Übung zur Organisation und Kommunikation der Mülltrennung

Versammelt an verschiedenen thematischen Tischen konnten die Teilnehmer:innen ihr Wissen vertiefen und konkrete Anregungen und Beispiele dafür erhalten, wie sie ihre Veranstaltungen umweltfreundlicher gestalten können. Zu den behandelten Themen gehörten unter anderem: Lebensmittel und Getränke aus der Region, biologischer Anbau und fairer Handel, Mehrwegsysteme für Geschirr, Abfalltrennung, Umweltkennzeichnungen für Produkte und die Sensibilisierung der Besucher:innen.

Häufig angesprochene Diskussionspunkte waren die Rolle der Gemeinden bei der Bereitstellung von mobilen Spülanlagen („Spüllweenchen“) und wiederverwendbarem Geschirr sowie die hiermit verbundenen Kosten.

Die Umweltberatung und SDK stehen allen Interessierten jederzeit für Beratungen und Workshops zu Green Events zur Verfügung. (www.greenevents.lu)

NACH UNSEREM CLIMATEFARMING-WORKSHOP: OEKOBIB MEDIATHÉIK VERWEIST AUF „BODENSTÄNDIGE“ LEKTÜRE

Am 23. Februar 2024 organisierte das Oekozenner Pafendall einen ganztägigen **Workshop** zum Thema „**Wie mache ich meinen Boden und Betrieb klimafit?**“ an der LTA in Gilsdorf. Passend hierzu bietet die oekobib mediathék gleich mehrere Bücher zum Thema Boden in deutscher und französischer Sprache.

In „**Regenerative Landwirtschaft**“ beschreibt Dietmar Näser den Unterschied dieses Systems zu anderen Anbausystemen, der vor allem im „konsequenten Einbeziehen des Bodenlebens“ besteht, so der Autor. Des Weiteren erklärt Näser, welche Schritte zur Umsetzung der Regenerativen Landwirtschaft nötig sind. Unser Landwirtschaftsberater bewertet dies Buch als „sehr lesenswert“.

Die Autoren Axel Don und Roland Prietz erläutern in ihrem Werk „**Unsere Böden entdecken – Die verborgene Vielfalt unter Feldern und Wiesen**“ die Vielfalt landwirtschaftliche Böden, die sie in anschaulichen Bildern illustrieren. Es ist jedoch nicht nur ein Bildband. Jeder Boden wird genauestens beschrieben, seine Eigenschaften und Entstehungsgeschichte erklärt.

Auch Peter Laufmann hat sich diesem Thema verschrieben. In „**Der Boden – Das Universum unter unseren Füßen**“ beleuchtet er „die naturwissenschaftlichen Grundlagen, die einen Boden ausmachen“ und zeigt, „wie alles miteinander verwoben ist“. Er veranschaulicht den Einfluss des Menschen auf den Boden und was er zu dessen Erhaltung beitragen kann.

In der französischsprachigen Literatur haben wir folgende Werke ausgewählt: „**Le sol**“ von Raoul Calvet und „**Le sol, la terre et les champs**“ von Claude und Lydia Bourguignon.

Abschließend möchten wir auch auf den „**Kritischen Agrarbericht**“ verweisen, der 1x im Jahr erscheint und die aktuellen Debatten über die Landwirtschaft in Deutschland dokumentiert; dies auch im Hinblick auf die EU-Politik und globale Zusammenhänge. Alle Ausgaben ab 2015 sind in der oekobib mediathék ausleihbar.



Diese und noch weitere Publikationen haben wir auf unserer Webseite oekobib.lu für Sie zusammengestellt. Schauen Sie auch gerne persönlich in unserer oekobib vorbei.

